Bericht vun der WM a Frankräich 2024

Dës 70. Weltmeeschterschaft, déi dëst Joer organiséiert ginn ass vun der franséischer Federatioun, ass ausgedroe ginn am Norde vu Frankräich um Canal d'air an der Ëmgéigend vun der Uertschaft Béthune, net onweit vu Lille ewech. Eise Quartier hu mer bezunn an enger relativ geraimeger Gite zu Haverskerque. Et waren leider vun do bis an déi verschidden Secteuren, all Dag trotz allem e puer Kilometer ze fueren. Déi 5 Secteuren waren ob enger Distanz vun +/- 15 km auserneen gesat ginn. Do ass dann och nees Fro opkomm, ob mir zu Lëtzebuerg net och mol nees eng Kéier een esou grousst Evenement kéinten organiséieren. Distanze schénge jo keng Roll mei ze spillen bei der Vergab vun esou enger Competitioun. Wann ech och dann lescht Joer an Spuenien kucken. Do waren et esou guer em déi 40 km wou Secteuren ausernee louchen.

Vun Méindes bis Freides souze mer dann och an deene verschiddenen Secteuren, wou mer dann och ëmmer all zu 6 um Training deel geholl haten. Mir hunn awer och direkt wéi och déi meescht aner Natiounen erkannt, dass de Fësch sech net vu senger beschter Bäisslaun gewisen huet. Relativ wéineg Wäissfësch ass gefaange ginn. Natierlech stellt een sech Fro, an déi Froen hu mer och all Dag versicht an eisen Team Sitzungen, eis selwer ze beäntwerten, firwat dat esou wier. Preparéiert waren mer wéi soss och ëmmer. De Bill hat am viraus vill Kontakter mat auslännesche Frënn fir d' Beschafen vun der Dauwen Mëscht an awer och vun den liewegen Köderen, haaptsächlech wat de Fouilles an de Vers de vase ugaang sinn. Do war jo och am Virfeld schonns Riets gaangen vum totalen Verbuet vum Fouilles, respektiv vum erofsetzen ob nëmmen en hallwen Liter, ob déi een sech dann zum Schluss dann och gëeenegt huet. Wei gesot, mir hunn et iergendwéi net fäerdeg bruecht Fëscherei ze verstoen. Wat Woch méi laang ginn ass, wat och manner gefaange ginn ass, an net nëmmen bei eis.

Mëtt der Woch hu mer dann och mol gesot, fir eis méi ob Grondels Fëscherei anzestellen. Dee Fësch, wor och relativ iwwerall present. Natierlech ass et fir eis do schwéier ginn, well no iwwer 12 Joer wou mer dorops bei eis ob den Concoursen schonns musse fëschen, ass deene meeschten d' Loscht vergaang, fir iwwerhaapt nach mussen sech domat auserneen ze setzen. An awer hu mer dann och versicht de Rescht vun der Woch, wéinstens mol déi 1te Stonn ze probéieren, ob eis Manéier wei mir se kennen. Dee leschten Trainingsdag hunn ech mech dann dunn och mol dru ginn, an hunn déi 4 Stonnen den Goubie gefëscht. Ok, dat wor relativ gutt. Mat mengem Gewiicht wier ech do den Drëtten am Secteur gesamt gewiescht. Mee wat dat dann elo sollt bréngen wärend der Competitioun selwer, dat hu mer jo net gesinn esou kommen wéi et komm ass.

Samschdes dunn deen éischten Dag vun dëser Weltmeeschterschaft. Mir waren all a sech schonns gespaant wéi mer eis aus der Affaire géifen eraus zéien. D' Resultater iwwer ganz Woch gekuckt waren jo éischter schlecht wärend eisen Trainingssessiounen. Nodeems dunn all Fëscher hannert sengem Stand placéiert war, ass just nach gewaart ginn bis et géif ugoen. Kann leider net vill zu deenen vereenzelten Fëscher an Resultater soen, well ech jo selwer och gefëscht hunn. Den eenzegen deen an sech ze glänzen wousst wor den Fränk, den säi Sous-Secteur ob der éischter Platz ofgeschloss hat. Bravo. Fir mech, den seng lescht

Weltmeeschterschaft bei den Senioren matgemaach huet wor et a sech eng eenzeg Katastroph. Natierlech wor den Tirage net ob menger Säit. Stand 14, voll an der Mëtt. Dobäi huet et no 2 Stonnen nach gutt ausgesinn, méi zum Schluss hin, hunn Touchen ob Grondel nogelooss, an ech hu leider mat enger 11ter Platz mech missen ofginn. Doduerch sinn ech dann deen zweeten Dag an Reserve gerutscht. Ausrieden hunn ech och keng gesicht. Et kann een jo net ëmmer alles richteg maachen, an dat och net beim Fëschen.

Mir hunn Käpp awer net hänke gelooss, dofir war d' Aarbecht déi wou ganz Woch geleescht ginn ass, awer ze gutt. Mat neiem Elan si mer dunn an den zweeten Dag era gaang. Den Serge Jadin huet dunn mech Sonndes ersat. Mir wollten natierlech weisen. dass mer eis net mat dem schlechte Resultat vum éischten Dag zefridden konnten ginn. Do wor jo och nach de Fränk den mat 1 Punkt jo och nach Chancen hat fir e Podium ze erreechen. Kommen mer do awer direkt zum Punkt, et sollt net sinn. De Fränk huet den zweeten Dag leider net méi dat gutt Resultat vu Samschdes konnte bestätegen. Just den Bill ass et dem Dag gelongen mat enger 5ter Platz am Secteur nach relativ zefridden kënnen ze sinn.

Am Endeffekt wor Equipe mat dem Resultat awer guer net zefridden. Esou schlecht wéi Resultat dëst Joer wor, nee sorry, esou schlecht si mer sécherlech net. Do waren mer eis och all eens. Mir brauchen och elo net mei ob alles anzegoen wat geännert muss ginn. Zesummen musse mer doheem nees all eis Fro stellen, wëlle mer et nees besser maachen oder soll et dat elo gewiescht sinn. Dat geet awer nëmmen am Kollektiv. Wat meng Meenung ubelaangt, déi kennen déi meescht vun menge Frënn. Wichteg ass awer all Kéiers wann een ob Nues fält, nees sech ze hiewen an weider ze maachen.

Resultater vun der gesamter Weltmeeschterschaft kënn der um Site vun der FLPS https://flps.lu/ an bei eisen Frënn vum Fëscherclub Kirchbierg https://kirchberg.neumann.lu/ nokucken. Um Banquet Sonndes owes hunn ech dunn trotzdeem gemierkt un den Aussoen vun de Fëscher, dass et fir déi Meescht eng flott Weltmeeschterschaft wor. Aleng duerch Hëllef vun de Leit hannendrun haten Fëscher selwer vill mei Zeit sech ob hiren Training ze konzentréieren.

Wei ëmmer zum Schluss e Merci un all déi wou eis ëmmer hëllefen. Sponsoren vun der Sektioun, Assurance Lalux, Fishing World, AquaZooPêche, RS Fishing a Mike-Welt. Merci och un Begleeder, Frënn, déi Käschten an Rees ob sech geholl hunn fir Fëscher ze begleeden. Dat waren de Frank Pierre, Gang Stephan, Altmann Joe an den Andy. An natierlech och ëmmer Hëllefsbereet meng zweet Hallschent Viv. Merci och nach un den Sportsministère deen eis Congé Sportif zougesot huet. Och een Merci un all déi Donateuren déi eis Fëscher ënnerstëtzt hunn. Merci och nach eng Kéier un den Stephan, Bill an dem Jérôme déi wollten, dass ech den 2ten Dag awer sollt untrieden. Den Bill ewéi och mäi Jong wollten mir hier Platz iwwerloossen. Merci, Jungs, dat weess ech ze schätzen. Zu gudder Lescht riichten ech een perséinlechen Merci un dës, an och all déi aner Equippen mat deenen ech Chance hat iwwer 30 Joer duerften an Ausland ze fueren. Dëst war leider déi leschte Kéier bei den Senioren. Ech soen et nach eng Kéier, an dat sinn meng éierlech Wieder, et war ëmmer flott. Mee ech mengen dass mer genuch gutt jonk Fëscher hunn, déi weider maache wäerten. An dofir och mäin ëmmer erëm erneiten Opruff un Generatioun hannendrun. Scheit Iech net fir mat ze goen, respektiv wann der Iech qualifizéiert, och är Platz an der Equipe anzehuelen.

Fernand Schmitt